**Chargé de mission: Marc LIS**
GSM: (+352) 661 848 838
E: info@youngdriversday.lu
www.youngdriversday.lu

# PRESSEKOMMUNIQUÉ

## Autocenter Goedert Young Drivers Day

Ëlwen, den 16. Juni 2015: Reaktioun op de Konsultatiounsdebatt iwwert d'Sécherheet am Stroosseverkéier hei zu Lëtzebuerg.

D'Young Drivers asbl ënnerstëtzt dem Här Minister François Bausch an der Regierung hier „Vision Zéro“ fir d'Zuel vun den Affer am Verkéier op Null ze reduzéieren.

Den Här Députéierten Marco Schanck huet a senger Ried vun enger „formation continue“ geschwat an ee Verkeierssecherheetsdag fir déi jonk Automobilisten gefuerdert an och ënnerstrach dass jonk Fuerer méi mat Verkéiersaffer konfrontéiert solle ginn. D'Young Drivers ASBL géing gäre drop hiweisen dass mär, ënnert der Schirmherrschaft vum Nohaltegkeetsministère, de Projet *Young Drivers Day* 2011 an d'Liewen geruff hunn, fir spezifesch jonk Automobilisten am Alter vun 18 bis 24 Joer ze sensibiliséieren an dem Här Schanck seng zwee Punkten si scho bei desem Projet abegraff.

Aus zäitlechen Grënn a well mär d'Qualitéit vun eisem Event oprecht erhale wollten, ass dëst Joer leider keng Editioun vum Young Drivers Day. D'Partner an d'Sponsoren stinn allerdéngs schonn an de Startlächer, an Dank dëser Ënnerstëtzung lafen d'Virbereedung fir déi 5ten Oplag säit 3 Wochen.

Weider Infoen zum Projet fand Dir op eiser Internetsäit: www.youngdriversday.lu oder op Facebook: https://www.facebook.com/autocentergoedertsafetydays.

Fir de Komité vun der Young Drivers asbl,

Marc Lis